adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 MAI 2017
2968

Här Mars di Bartolomeo
Presidentvun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Déi tierkesch Regierung denkt anscheinend drunn,fir e Referendum iwwert d'Nees-Aféiere vun der Doudesstrof ofzehalen. Géif et zu esou engem Referendum kommen, wären déi tierkesch Staatsbierger, déi hei am Land liewen,opgefuerdert, hir Stëmm ofzeginn.

D'Regierunge vun eisen Nopeschlänner Däitschland, der Belsch a Frankräich esou wéi och Éisträich an Holland hu sech elo scho kloer géint d'Ofhale vun deem Referendum op hirem Territoire ausgeschwat.

An dem Zesummenhang wéilt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Wéi ass d'Positioun vun eiser Regierung, géif et zu esou engem Referendum kommen? Géing si et der tierkescher Ambassade, respektiv engem tierkesche Konsulat erlaben, fir sech hei am Land un esou engem Referendum organisatoresch ze bedeelegen?
2. Géing si et erlaben, datt Tierken déi net zu Lëtzebuerg wunnen, kéinten op Lëtzebuerg komme fir hei un esou engem Referendum deelzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 JUIN 2017

Luxembourg, le 2 juin 2017

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 2968 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Äntwert vum Ausseminister op d'parlamentaresch Ufro N°2968 vum 26. Oktober 2016 vum Deputéierte Fernand Kartheiser

D'Tierkei huet bis haut nach keng Decisioun geholl iwwert d'Organisatioun vun engem Referendum iwwert d'Nees-Aféiere vun der Doudesstrof.

D'Regierung huet net Welles esou én éventuellen Referendum vun der Tierkei iwwert d'Nees-Aféiere vun der Doudesstrof op lëtzebuerger Territoire zouzeloossen.